POWERED BY SERVIOR
rhummer
Gospel

Begeeschterung um Sangen,

Energie an eng onwahrscheinlech Liewesfreed...

20 Damen zwëschent 75 a 97 Joer.
Si wunnen "Op der Rhum" an dreemen vun enger internationaler Carrière, engem Tourbus an Autogrammkaarten.
Si sange Gospel, wéi wann se ni eppes aneres gemaach hätten. Gefillvoll, zaart, dynamesch a voller Temperament.
Wann een se gesäit an héiert, ass een einfach verzaubert.

De Rhummer Gospel ass eng Initiative aus dem SERVIOR-Haus "Op der Rhum". De Chouer existéiert säit 2014 a besteet aus 20 Damen, déi do wunnen. Ënnerstëtzt gëtt en vun enger Réi SERVIOR-Mataarbechter a fräiwëllegen Museker a Sänger. 2015 ass de Rhummer Gospel fir d'éischte Kéier am Kader vum Blues'n Jazz Rallye an der Stad opgetrueden. Chouerleeder ass den Robert Bodja.

Merci un d'Amicale "Les Amis du Centre du Rham". Dank hirer finanzieller Hëllef huet de Rhummer Gospel seng typesch Roben.

Rhummer Gospel & Friends

Dir wëllt bei dësem eenzegaartegen Projet derbäi sinn, Méindesowes mat prouwen, bei de Concerten eng Hand mat upaken, lech och verzauberen loossen.

Pia Hoffmann
T 47 20 21-1450
pia.hoffmann@servior.lu

SERVIOR Rhummer Gospel
1, plateau du Rham
L-2427 Luxembourg

SERVIOR

Den Alter liewen